
FEBRUAR 2024 #75

DE REGIONALMAGAZINE VUM WËLLE WESTEN

# SYNERGIE



## ALL TOGETHER

### SANGT MAT AM INKLUSIVE CHOUER AM WËLLE WESTEN!

MOT MYSTÈRE

**GEWANNT 4 X 1 NUECHT AM GREEN & BREAKFAST ZU NIDDERPALLEN**

SERIE-KLIMASCHÄFFEN

**INTERVIEW MAM KLIMASCHÄFFEN FERNAND MULLER GEMENG PRÉIZERDAUL**

KANTON RÉIDEN ENERGIE

**DEN EEGE PRODUZÉIERTE SOLAR-STROUM SELWER NOTZEN - WÉI GEET DAT?**


FIERKELSMAART
07. ABRËLL 2024
Rammerich
10:00-18:00
D’Entrée ass fräi
-6-
-5-
-4-
-3-
BANANAS
-5-
-15-
reka print
IESSEN & GEDRENKS | PRODUKTER AUS DER REGIOUN
LIEWEG DÉIEREN FIR ZE KUCKEN AN ZE HEEMELEN
Org. : Gemeng Rammerich
Nordliicht

# SOMMAIRE


**02** LEADER WËLLE WESTEN
## ALL TOGETHER: SANGT MAT AM INKLUSIVE CHOUER AN ÄRER REGIOUN!





**04** GEMENG MÄERZEG
## PROJET „BIOMAX“

**06** SERIE-KLIMASCHÄFFEN
## INTERVIEW MAM FERNAND MULLER





**10** PAKT VUM ZESUMMELIEWEN
## HOPLR - D'NOPER-SCHAFTSAPP FIR ÄR GEMENG

**12** GEWÄSSERVERTRAG ATTERT
## WELTWASSERTAG

**15** KANTON RÉIDEN
## KANNERWONSCHBAM





**16** KANTON RÉIDEN
## BIERGER-ËMFRO MENG VISIOUN FIR DE KANTON RÉIDEN







**18** KANTON RÉIDEN
## REPAIR CAFÉ





**20** KANTON RÉIDEN ENERGIE
## DEN EEGE PRODUZÉIERTE SOLAR-STROUM SELWER NOTZEN - WÉI GEET DAT?


**24** MOBILITÉITSATELIER
## ENTREVUE AVEC LES RESPONSABLES ÉTATIQUES DU RÉSEAU DE BUS RGTR

**28** TOURISTINFO WËLLE WESTEN
## OUSCHTERQUIZ 2024

**30** AGENDA


## IMPRESSUM


Rédaction, direction artistique, mise en page, illustration & suivi de production
**Art & Wise s.à r.l.**

Editeur responsable
**Art & Wise s.à r.l.**

Impression
**Imprimerie Reka s.a.**

Renseignements & réservations
**T 23 62 43-20**
**info@artandwise.lu**



© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute reproduction, ou traduction, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite au préalable de l'éditeur.



Prochaine parution
**Mai 2024**

Tirage
**13.660 exemplaires**

Magazine régional d'information bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l. en collaboration avec le Syndicat Intercommunal „Kanton Réiden“ et le Groupe d'Action Locale LEADER Wëlle Westen.

KANTON RÉIDEN
LEADER WËLLE WESTEN


Fonds européen agricole pour le développement rural : l'Europe investit dans les zones rurales.

# ALL TOGETHER: SANGT MAT AM INKLUSIVE CHOUER AN ÄRER REGIOUN!

## *ALL TOGETHER: PARTICIPEZ À LA CHORALE INCLUSIVE*

**2024 steet fir d'Fondation EME, déi viru 15 Joer als Initiativ vun der Philharmonie Lëtzebuerg gegrënnt gouf a sech fir d'Inklusioun duerch Musek asetzt, ganz am Zeeche vum gemeinsame Sangen. Des Lëtzebuerger Fondatioun organiséiert alldeeglech musikalesch Projete fir eeler oder sozial benodeelegt Leit a Mënsche mat Krankheet oder Beanträchtegungen. Am Kader vun hirem 15. Anniversaire stellt d'Fondation EME elo begeeschtert de Projet „All Together“ vir. Dëse Projet huet als Zil, d'Awunner an de verschiddene Regioune vum Land ronderëm d'Musek zesummenzebréngen, an domat Inklusioun an Diversitéit an de Gemengen ze fërderen.**

***La Fondation EME, créée il y a 15 ans sur initiative de la Philharmonie Luxembourg, œuvre inlassablement pour promouvoir l'inclusion à travers la musique. Son objectif principal est de lutter pour le droit universel à la culture. La Fondation EME organise des projets musicaux dédiés aux personnes âgées ou socialement défavorisées, ainsi qu'aux personnes malades ou handicapées. Dans le cadre des célébrations de son 15e anniversaire, la Fondation EME présente avec enthousiasme le projet « All Together ». Ce projet vise à réunir les habitants des différentes régions du pays autour de la musique, favorisant ainsi l'inclusion et la diversité au sein de la communauté.***



**D'Prouwe (20.02, 05.03, 19.03, 26.03, 09.04, 23.04, 07.05, 21.05, 04.06) sinn all Dënschden vu 16h30-18h00 bei Op der Schock zu Réiden. Umeldungen iwwer: www.alltogether.lu**

***Les répétitions (20.02, 05.03, 19.03, 26.03, 09.04, 23.04, 07.05, 21.05, 04.06) auront lieu tous les mardis de 16h30-18h00 à Op der Schock à Redange. Inscriptions par : www.alltogether.lu***

**contact@fondation-eme.lu
T 26 02 27 430**

De Projet „All together" organiséiert inklusiv Chéier, verdeelt duerch d'Land a verschiddenen Institutiounen, dorënner och am Kanton Réiden bei Op der Schock asbl.

All Chouer studéiert ënner professioneller Leedung an der Begleedung vu Museker.innen iwwer 10 Prouwe Lidder an, déi bei engem Ofschlossconcert virum Summer an der Regioun an engem weidere, grousse Concert, zesummen am Grupp mat alle Chéier aus dem Land, de 6. Juli op der Kinnekswiss an der Stad presentéiert ginn.

D'Prouwe si fir jiddereen op: All Mënsch, dee Loscht huet ze sangen, ass bei dësem eenzegaartege musikaleschen Erliefnis wëllkomm! Et brauch ee keng gesanglech Virkenntnesser fir matzemaachen, d'Ateliere si fir all Niveau op. Dat éischt Zil ass d'Freed um Sangen ze deelen an nei Frëndschaften ze schléissen.

Op den Internetsäite www.alltogether.lu a aw.leader.lu fannt Dir all néideg Informatioune mam genauen Zäitplang vum Chouer an de Prouwen an d'Méiglechkeet fir sech unzemellen. D'Prouwe fänken Enn Februar un.

D'Participatioun un de Concerten ass net obligatoresch; all Participant hutt och d'Méiglechkeet einfach bei de Prouwe matzemaachen. D'Ambitioun ass d'Mënschen duerch d'Kraaft vun der Musek zesummenzebréngen an eng beräicherend Erfarung fir jiddereen ze schafen.

Fir d'Fondation EME ass et immens wichteg Leit zesummenzebréngen, an dofir invitéiere mir Iech ganz häerzlech op d'Prouwe vum Chouer an Ärer Regioun a freeën eis mat Iech ze sangen! Zesumme loosse mer d'Melodie vun der Inklusioun an der Diversitéit am Weste vum Land erkléngen!

D'Fondation EME seet der Regioun LEADER Wëlle Westen villmools Merci fir hir Ënnerstëtzung vun dësem Projet.

*Le projet « All Together » organise plusieurs chorales inclusives réparties à travers tout le pays dans diverses institutions, par exemple dans le canton de Redange chez Op der Schock asbl.*

*Sous la direction de professionnels et accompagné de musiciens, chaque chœur préparera le même programme au cours d'une dizaine de répétitions. Le choeur clôturera sa saison 2024 lors d'un concert dans la région et d'un grand concert qui rassemblera tous les participants des chœurs du pays, le 6 juillet à Luxembourg-Ville à la Kinnekswiss.*

*Les répétitions sont ouvertes à tous : chaque personne qui aime chanter est la bienvenue lors de cette expérience musicale unique ! Aucune expérience en chant n'est requise pour participer, les ateliers sont ouverts à tous les niveaux de compétence musicale. Le premier objectif étant de partager la joie de chanter et se faire de nouveaux amis.*

*Vous trouverez toutes les informations nécessaires sur les sites www.alltogether.lu et aw.leader.lu, y compris les plannings exacts et les détails d'inscriptions. Les répétitions commencent fin février.*

*En outre, il est important de souligner que la participation aux concerts n'est pas obligatoire. Vous avez également la possibilité de rejoindre simplement les répétitions. L'ambition est de connecter les gens à travers le pouvoir de la musique, faisant ainsi de ce projet une expérience enrichissante pour tous.*

*Il est essentiel pour la Fondation EME de rassembler les gens, et c'est pourquoi elle invite chaleureusement à rejoindre les répétitions des chorales dans votre région et a hâte de chanter avec vous ! Résonnons ensemble la mélodie de l'inclusion et de la diversité dans l'ouest du pays !*

*La Fondation EME tient à remercier la région LEADER Wëlle Westen pour son précieux soutien de ce projet.*



***Rejoignez la célébration et faites don de votre iPad / tablette inutilisé !***

***Alors que la Fondation EME célèbre 15 années incroyables avec le projet « All Together », nous faisons appel à vous pour nous aider. Votre don d'iPad permettra d'outiller les chefs de chœur, nous aidant à suivre les progrès, recueillir des commentaires et partager des mises à jour en temps réel sur l'unité que nous créons. Votre iPad inutilisé peut être la clé pour créer une belle musique et des souvenirs durables.***

***Envoyez-nous un message direct pour contribuer au succès du 15e anniversaire de la Fondation EME !***

Fondation EME 15 JOER

LEADER WËLLE WESTEN

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

KANTON RÉIDEN

**LEADER WËLLE WESTEN**
43, Grand-rue
L-8510 Redange
T 28 334-920
wellewesten@leader.lu
www.aw.leader.lu



V.l.n.r. : Sébastien Jacob, Mylène Ritz, Françoise Reuter (Dussmann), Mike Poiré (Gemeng Mäerzeg, Buergermeeschter), Gilles Altmann (Sicona), Elisabeth Mariany (Biovereenegung), Daniela Noesen (Biovereenegung), Stefano D'Agostino (Gemeng Mäerzeg, Schäffen), Isabelle Elsen-Conzemius (Schäffin bis Okt. 2023), Marc Thuau (Dussmann).

# PROJET „BIOMAX"

**D'Gemeng Mäerzeg huet sech 2017 dofir entscheed, fir beim „Natur genéissen Projet" vum Naturschutzsyndikat SICONA matzemaachen. Si verpflichten sech domat, een Undeel vun 13% vun hirem Budget fir Liewensmëttel fir den Akaf vun „Natur genéissen" Produiten auszeginn.**

Dernieft solle regional a saisonal hiergestallte Produiten, entweder auskonventioneller oder biologescher Produktioun, de Virrang beim Akaf hunn. Zousätzlech musse mindestens 30% Bio Produiten akaaft ginn. Eng gesond, regional a saisonal Ernärung spillt eng wichteg Roll an der Entwécklung vun de Kanner, férdert den Ëmwelt- a Klimaschutz a reduzéiert den ekologesche Foussofdrock.

Enn 2022, Ufank 2023 huet d'Gemeng am Kader vun LEADER Projet „Mertzig4all", wou Mäerzeg als éischt Gemeinwohlökonomie-Gemeng zu Lëtzebuerg zertifiéiert ginn ass (www.eco-good.org), dunn décidéiert nach een Schrëtt weider ze goen an d'Laat, grad beim Akaf vun de Bio Liewensmëttel, bei der Ëmsetzung vun „Natur genéissen" an hirer Gemengnach méi héich ze setzen. Esou ass d'Iddi fir de Projet „BioMax" enstaanen, well et der Gemeng Mäerzeg besonnech wichteg ass, dass d'Kanner aus der Crèche an der Maison Relais vun enger gesonder an nohalteger Ernärung profitéiere kënnen.

D'Gemeng, d'Responsabel vun der Maison Relais an der Crèche, wéi och déi Responsabel vum Prestataire „Dussmann" a SICONA hunn d'Käpp zesumme gestréckt an hu gemeinsam gekuckt, wéi een de Projet „BioMax" mam Projet „Natur genéissen" verbanne kann. Eraus koum eng Upassung un d'"Natur genéissen" Laaschtenheft, déi als Avenant vum Schäfferot ënnerschriwwen an eestëmmeg vum Gemengerot gestëmmt gouf.

Zil vum Projet „BioMax" ass et, esouvill wéi méiglech biologesch Liewensmëttel anzekafen (minimum 50%). D'Regionalitéit an d'Saisonalitéit sollen heibäi nach ëmmer respektéiert ginn, genee wéi och d'Prozenter beim Akaf vun den „Natur genéissen" Produiten. An enger éischter Testphas huet d'Kichepersonal gewise wat se kënnen an hu sech mat neie Produiten ausernee gesat an hiren Akaf ugepasst. Esou hu si et gepackt, direkt bis zu 72% vun hirem Liewensmëttelbudget fir Bio-Liewensmëttel auszeginn. De Projet entwéckelt sech konsequent weider, virun allem och am Kader vum neie Schoulrestaurant, wou mam neie „Projet intégré Schoul-Maison Relais" grad zu Mäerzeg gebaut gëtt an am Prinzip fir d'Rentrée 2026 seng Dieren opmécht. D'Sensibiliséierungsaarbecht gëtt an deem Kontext mat all de Partner zousätzlech verstäerkt, well eis Kanner déi beschten Ambassadeure sinn am Klima- a Naturschutz.

**Méi Infoen iwwert den Naturschutz-syndikat SICONA an „Natur genéissen" fannt Dir op www.sicona.lu.**

**Weider Infoen zum LEADER-Projet „Mertzig4all" ginn et op www.mertzig.lu**

GEMENG MÄERZEG

Klima-Bündnis

KlimaPakt — Meng Gemeng engagéiert sech

NaturPakt — Meng Gemeng engagéiert sech

PacteLogement

L'ÉCONOMIE POUR LE BIEN COMMUN

Pakt vum Zesummeliewen

**GEMENG MÄERZEG**
22, rue Principale
L-9168 Mertzig
T 83 82 44-1
commune@mertzig.lu
www.mertzig.lu


GEMENGEN-TOUR 2024
VU BUEDEM BAUZEN A BIOBAUEREN
e Film vum Tom ALESCH
INVITATIOUN
Projektioun vum Film
de Mëttwoch, 13. Mäerz
um 20:00 Auer
zu Mäerzeg
am Centre Turelbaach.
Reservéiert am beschten Är
Plazen wgl. via Email op
inscription@mertzig.lu oder
um Tel. 838244-1. Nom Film
invitéiert d'Gemeng op e Patt.
Dokumentarfilm | Längt: 88 min.
Original Versioun LU / st FR & AN
Fir weider Informatiounen, scannt dëse Qr-Code oder gitt op biobauzen.lu
VEREENEGUNG
BIOLANDWIRTSCHAFT
LËTZEBUERG ASBL
Bio
demeter
a Partnerschaft mat
GEMENG MÄERZEG
OiKOPOLiS Groupe
ŒUVRE Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte
OiKOPOLiS Foundation Luxembourg
Cactus
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
WINNER AGROFILM FILM FESTIVAL NITRA 2023
marcwilmesdesign.lu

Serie-Klimaschäffen

# INTERVIEW MAT DE KLIMASCHÄFFEN

**Dëst ass den éischten Interview vun eiser neier Serie „Interview mat de Klimaschäffen“. Mir maachen den Tour vun de Gemengen am Kanton Réiden an diskutéiere mat hire Klimaschäffe iwwer hier Projeten a Pläng.**

**Mir fänken an der Gemeng Préizerdaul un, déi am Hierscht mat der héchster Klimapakt Zertifizéierung Gold ausgezeechent gouf.**

**De Fernand Muller ass elo schonn an der zweeter Legislaturperiod de Klimaschäffe vun der Gemeng Préizerdaul. Hee schafft zesumme mam kantonale Klimaberoder, dem Stéphane Devillet, fir de Klimapakt a senger Gemeng beschtméiglechst ëmzesetzen.**



**Wat genau sinn d’Aufgabe vum Klimaschäffen?**

Dem Klimaschäffe seng Aufgab besteet doranner, fir am Schäfferot bei all Diskussioun de Gedanke vu Klimaschutz, Nohaltegkeet an Energietransitioun eranzebréngen.

De Klimapakt baséiert op 64 Moossnamen, dovunner si verschiddener organisatorescher Aart an anerer technescher a infrastruktureller Aart, déi méi Geld kaschten. De Budget ass ëmmer erëm d’Limite vun all deem gudde Wëllen, duerfir sinn ech frou, datt mer eis an eiser Gemeng e Budgetsartikel fir de Klimapakt ginn hunn.

**Ween ass déi aner dreiwend Kraaft an der Ëmsetzung vum Klimapakt op Ärer Gemeng?**

E gudden a motivéierte Service Technique op der Gemeng, dee konsequent a virun allem haaptberufflech sech mam Klimaschutz beschäftegt. Dat ass nach méi wichteg wéi de Klimaschäffe selwer. Duerfir muss de Service Technique vun enger Gemeng och esou opgestallt sinn, datt dat méiglech ass.




*Déi nei Grondschoul vun der Gemeng Préizerdaul gëtt no der DGNB (Deutsche Gesellschaft für nachhaltiges Bauen) zertifizéiert.*

*Bei där neier Schoul sti Reewaasernotzung, regenerativ Energien, rationell Energie a Ressourcennotzung, nohalteg Baumaterialien an Offallvermeidung am Fokus.*



De Service Technique vun der Gemeng Préizerdaul huet sech op alle Fall iwwer Joren engagéiert a villes dokumentéiert, op dat mer haut kënne fir eng Bewäertung zeréckgräifen. Et ass ee konstante Prozess vun Ännerungen, dee mer mussen duerchlafe fir un d'Zil ze kommen.

**Wat wëlls Du punkto Klimaschutz an den nächste 6 Joer an Denger Gemeng erreechen?**

D'Gemeng Préizerdaul huet an de leschte Jore vill investéiert fir aus der fossiller Energie, also dem Masutt, erauszeklammen. Mir hëtzen eis Gemengegebaier haut bal zu 100% mat Holz aus de gemengeneegene Bëscher.

An den nächste 6 Joer géing ech mer virstellen op all gëeegenten Daach vun de Gemengegebaier eng Photovoltaik-Anlag z'installéieren an esou eise Bäitrag zu der Energietransitioun ze leeschten.

**An dann hutt Dir natierlech de grousse Projet vun Ärer neier Schoul!**

Genau, mir plangen un enger neier Grondschoul, déi nom DGNB (Deutsche Gesellschaft für Nachhaltiges Bauen) zertifizéiert gëtt. Mir striewen de Label „Gold" un, dat bedeit, dass mir vill Krittäre punkto Nohaltegkeet, Energieeffizienz, ekologesch Baumaterialien, Accessibilitéit a Waasserverbrauch berücksichtege wäerten. Dat wier déi zweet Grondschoul hei zu Lëtzebuerg mat deem Gold-Label.

Wann dës fäerdeg ass, kënne mer déi al Schoul aus de 50 Jore sanéieren an op den neitsten energeetesche Stand setze fir och do moderne Schoulraum ze schafen.



Bei enger Spillplaz am Préizerdaul sinn al Spillgeräter nei valoriséiert ginn. Deemno méi laang notzen, nei maachen a net nei kaafen. Economie Circulaire eben.

**Hutt Dir och Projeten, wou Dir d'Prinzippie vun der Economie Circulaire ëmsetzt?**

Jo, mir hunn eisem Modulgebai een 2. Liewen erméiglecht: d'Container vum Modulgebai goufe geréckelt an op enger anerer Plaz am Zentrum nei zesummegebaut, fir weider fir schoulesch Zwecker genotzt ze ginn. Esou verlängere mir hir Notzung a spuere Ressourcen.

Nieft dem Projet Container hu mer och eng Spillplaz mat ale Spillgeräter revaloriséiert, selwer nei gemaach a nei zertifizéiere gelooss.

Deemno ee komplette Projet ganz am Sënn vun der Economie Circulaire!

**Wéi wëll Är Gemeng d'Bierger fir méi Klimaschutz motivéieren?**



Dat neit „aalt" Modulgebai op senger neier Plaz mat enger PV-Anlag vun 29,5 kWp.

D'Gemeng Préizerdaul huet e Subsidreglement geholl, fir de Bierger bei enger energeetescher Sanéierung oder bei der Realisatioun vun der Photovoltaik-Anlag (PV) eng finanziell Ënnerstëtzung ze ginn.

Eng Gemeng soll mam gudde Beispill virgoen, duerfir hu mer decidéiert, selwer PV-Anlagen z'installéieren an dat och ze kommunizéieren: „Tue Gutes und sprich darüber".

**Wat méchs Du privat fir d'Klima ze schützen?**

Energie a Waasser spueren an Offall vermeiden si fir mech ganz normal. Ech liewe suffizient, dat heescht ech hale meng Saachen - ob Kleeder oder soss elektronesch Apparaten - laang ier ech eppes Neits kafen a versiche fir d'éischt ëmmer alles ze flécken, ier ech et ewechgeheien.

Ronderëm eist Haus hu mir vill Biodiversitéit, Uebstbeem an e klenge Gaart. Gebeess hunn ech nach ni musse kafen!

De Respekt virun der Natur an de Ressource versichen ech och menge Kanner mat op de Wee ze ginn.

Als Ëmweltwëssenschaftler engagéieren ech mech politesch ganz vill am Ëmweltschutzberäich, sief et op der Gemeng, am Sidero (Ofwaasser-Syndikat vun de Gemengen am Westen), am SIDEC (Offall-Syndikat vun de Gemengen am Norden) oder an eiser Nohaltegkeetskommissioun.






*Suffizienz: mat manner Konsum besser liewen.*

Foto: Etienne Girardet Unsplash

**A wat sinn Deng Iddie fir dass de Kanton Réiden och weiderhin als Klima-Pionéier wouer geholl gëtt?**

D'Bierger aus dem Kanton Réiden sollte sech beim Thema Nohaltegkeet an effizienten Energieasaz un eng professionell Struktur wenne kënnen, wou fachkompetent Personal um neitste Stand vun der Technik a Gesetzgebung ass. D'Infostuff vum Kanton Réiden ass duerfir déi richteg Plaz a sollt méi promouvéiert ginn.

An ech gesinn dem Kanton seng Aufgab doranner fir all déi gutt Moossnamen, déi am Kanton realiséiert ginn, qualitativ a quantitativ ze dokumentéieren, an de Bierger aus dem Kanton se virzestellen. Dës kënnen zB. Publikatioune sinn, déi et eise Bierger erméiglече sech besser mat de Moossnamen z'identifizéieren.

**Wéi gesäit Deng Gemeng 2050 aus?**

Méi Awunner, méi eng dicht Bebauung op der Haaptstrooss, méi Aarbechtsplazen am tertiäre Beräich, fir dass Wunnen a Schaffe méi no ka beieneeréckelen. Trotzdeem wäerte mir méi Trafic op der N12 kréien, ech denken awer mat méi E-Autoen.

**Merci Fernand fir Deng Zäit an dëst interessant Gespréich. Mir wënschen Dir vill Erfolleg bei der Ëmsetzung vun all dëse Projeten!**

KANTON RÉIDEN

PacteClimat

Ma commune s'engage pour le climat

**KLIMAPAKT KANTON RÉIDEN**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 410
info@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu



Pakt vum Zesummeliewen

# HOPLR - D'NOPERSCHAFTSAPP FIR ÄR GEMENG

## *HOPLR - L'APPLICATION DE VOISINAGE POUR VOTRE COMMUNE*

### SICHT DIR NACH NO GUDDE RESOLUTIOUNE FIR DAT NEIT JOER? GITT NOPER A REGISTRÉIERT IECH BEI HOPLR.

HOPLR ass ee soziaalt Netzwierk, 2022 agefouert vum Kanton Réiden fir all d'Gemengen, am Kader vum „Pakt vum Zesummeliewen". Et ass gratis, ouni Reklammen a sécher. Är Donnéeë ginn net un anerer weiderginn.

Wann Dir dëst nach net kennt, da besicht w.e.g. eng Kéier op d'Homepage: **www.hoplr.com/lb**. 't ass flott! D'Zil vum Hoplr ass et, datt d'Noperen sech an hir Uertschaft nach besser kenne léieren a méi einfach matenee kommunizéiere kënnen.

Hoplr erméiglecht ënner anerem, Neiegkeeten ze deelen, Saachen ze léinen an ëm Hëllef ze froen. D'Participatioun ass natierlech fräiwëlleg a gratis. Aktuell benotze schonn 51% vun alle Stéit zu Lëtzebuerg Hoplr.

### *VOUS ÊTES ENCORE À LA RECHERCHE DE BONNES RÉSOLUTIONS POUR LA NOUVELLE ANNÉE ? DEVENEZ VOISIN ET ENREGISTREZ-VOUS CHEZ HOPLR!*

*HOPLR est un réseau social que le « Kanton Réiden » a mis en place en 2022 pour toutes les communes dans le cadre du « Pakt vum Zesummeliewen ». Il est gratuit, sans publicité et sécurisé. Il n'y a pas de transmission de vos données.*

*Si vous ne l'avez pas encore vu, jetez un coup d'œil sur la page d'accueil : **www.hoplr.com/lb**. C'est génial. L'objectif de Hoplr est de permettre aux voisins de mieux faire connaissance, de mieux connaître son quartier et de communiquer plus facilement entre eux.*

*Hoplr permet entre autres de partager des nouvelles, de prêter des objets et de demander de l'aide. La participation est bien entendu volontaire. Actuellement, 51% de tous les ménages au Luxembourg utilisent déjà Hoplr.*

## HEI E PUER REZENT BEISPILLER VUN AKTIVITÉITEN UM HOPLR:
## *VOICI QUELQUES EXEMPLES RÉCENTS D'ACTIVITÉS SUR HOPLR :*










Mir hoffen, mam Hoplr e grousse Schrëtt ze huelen fir eist Zesummeliewen ze beräicheren. Awer den Erfolleg kënnt, wa mir all matmaachen. Mellt Iech w.e.g. mat dësem QR Code (oder iwwer de Link www.hoplr.com/lb/umellen, Code GTLRH) op Hoplr un:

*Avec Hoplr, nous espérons faire un grand pas en avant pour enrichir notre vie commune. Mais le succès dépend de nous tous. Veuillez-vous inscrire sur Hoplr en utilisant ce code QR (ou via le lien www.hoplr.com/lb/umellen, code GTLRH) :*

**Wann Dir Froen zur App hutt oder eppes net sollt funktionéieren, da kënnt Dir eis gären via folgender Email kontaktéieren: hoplr@kanton-reiden.lu**

***Si vous avez des questions sur l'application ou si quelque chose ne fonctionne pas, vous pouvez nous contacter via l'adresse e-mail suivante : hoplr@kanton-reiden.lu***

Pakt vum Zesummeliewen

KANTON RÉIDEN


hoplr

**SYNDICAT INTERCOMMUNAL KANTON RÉIDEN**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-210
karsten.kuepper@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu

hoplr

Léiert Är Nopere kennen

Hoplr ass d'Noperschaftsnetzwierk vun der Gemeng Mäerzeg



DISPONIBLE SUR Google Play

Schreift Iech an op www.hoplr.com


Luet d'Applikatioun fir Android oder iPhone erof

Télécharger dans l'App Store

Gewässervertrag Attert - *Contrat de Rivière Attert*

# WELTWASSERTAG

## *JOURNÉE MONDIALE DE L'EAU*



**Der Weltwassertag ist ein jährlicher Aktionstag, der am 22. März stattfindet. Er macht auf die Bedeutung von Wasser als lebenswichtige Ressource aufmerksam und ruft zu einem verantwortungsvollen Umgang auf.**

**Anlässlich des diesjährigen Weltwassertages organisiert die Flusspartnerschaft Attert eine Wanderung durch das wasserreiche Tal des „Wasserbachs“ sowie eine Konferenz, das die Auswirkungen des Winterstreudienstes auf die Gewässer beleuchtet.**

***La journée mondiale de l'eau est une journée d'action se déroulant chaque année le 22 mars. Elle a pour but de sensibiliser la population à l'eau comme ressource vitale et appelle à son utilisation rationnelle.***

***A l'occasion de la journée mondiale 2024, le partenariat de rivière Attert organise une randonnée à travers la vallée du « Wasserbach » ainsi qu'une conférence sur les effets de l'épandage de sel, en hiver, sur les cours d'eau.***







## WANDERUNG DURCHS WASSERBACHTAL

Das idyllische Wasserbachtal zwischen Kräizerbuch und Ehner beherbergt neben viel unberührter Natur auch ein Trinkwasserschutzgebiet, das 2/3 der Quellen des Trinkwassersyndikates DEA beherbergt und weite Teile des Landes versorgt.

Gehen Sie mit uns auf Erkundungsreise und werfen Sie einen Blick ins Innere der Quellfassungen. Unterwegs erhalten Sie Informationen zum Schutzgebiet und der damit zusammenhängenden Trinkwasserversorgung.

**Datum: 30. März**
**Zeitpunkt: 13:30-17:30 Uhr**
**Anmeldung bis zum 28. März unter:**
**maison.eau@attert.com**
**Maximale Teilnehmerzahl: 25**
**Mitteilung des Startpunktes nach Anmeldung**

## *RANDONNÉE DANS LA VALLÉE DU « WASSERBACH »*

*La vallée idyllique entre Kraizerbuch et Ehner abrite, en plus d'une nature intacte, également une zone de protection d'eau potable. Celle-ci regroupe 2/3 des sources du syndicat de distribution d'eau potable DEA et approvisionne une grande partie du pays.*

*Accompagnez-nous lors de ce voyage et découvrez l'intérieur d'un captage d'eau potable. Au cours du trajet, vous obtiendrez des informations quant aux zones de protection de captage et la distribution d'eau potable qui y est liée.*

***Date : 30 mars***
***Heure : 13h30-17h30***
***Inscription jusqu'au 28 mars sous :***
***maison.eau@attert.com***
***Nombre maximal de participants : 25***
***Plus d'informations après inscription***

# UMFRAGE WINTERSTREUDIENST

**Seit über 10 Jahren organisieren die Luxemburger Flusspartnerschaften ein gemeinsames Kolloquium zum Weltwassertag. Das diesjährige Kolloquium wird von der Flusspartnerschaft Attert durch die Asbl Wasserhaus organisiert und beleuchtet den winterlichen Streumitteleinsatz und seinen Impakt auf unsere Gewässer.**

Im Vorfeld dieser Fachkonferenz möchten wir eine Online-Umfrage starten, um den Puls der Bevölkerung hinsichtlich der Praktiken des Winterstreudienstes zu messen. Die Ergebnisse der Umfrage werden ausgewertet und während der Konferenz einem Fachpublikum vorgestellt, das aus Vertretern der Gemeindeverwaltungen, Straßenbauverwaltung, Wasserverwaltung, Umweltverwaltung, sowie Trinkwasser-, Abwasser- und Naturschutzsyndikaten besteht.

## Umfrage - Uns würde interessieren:

**Wie zufrieden sind sie mit dem Winterstreudienst? Wie stehen Sie zur Minimierung des Salzeintrages oder zur Verwendung von umweltfreundlichem Streugut?**

**Unter folgendem Link können Sie sich bis zum 15. März an der Online-Umfrage beteiligen: www.attert.com.**

Die Beantwortung der Umfrage dauert etwa 1 Minute.
Wir freuen uns auf Ihre Teilnahme!

# *SONDAGE : TRAITEMENT DE LA VOIRIE EN HIVER*

***Depuis plus de 10 ans, les partenariats de rivière luxembourgeois organisent chaque année un colloque pour la journée mondiale de l'eau. Cette année, le colloque est organisé par la Maison de l'Eau, qui est le gérant du partenariat de rivière Attert. Le thème que nous avons choisi est celui du traitement de la voirie en hiver et son impact sur nos cours d'eau.***

*Au préalable, nous souhaiterions faire un sondage en ligne afin de mesurer la sensibilité de la population au sujet de l'épandage de sel sur nos routes. Les résultats de ce sondage seront présentés lors de la conférence à un publique d'experts, constitué de représentants des communes, des Ponts&Chaussées, de l'Administration de la Gestion de l'Eau, de l'Administration de l'Environnement, des syndicats d'eau potable, des eaux usées ainsi que de la protection de la nature.*

## *Sondage - Ce qui nous aimerions savoir :*

***Êtes-vous satisfait du service d'épandage des voiries en hiver dans votre commune ? Quel est votre point de vue sur une possible réduction des quantités de sel épandues ou l'utilisation de produits alternatifs ?***

***En allant sur le site www.attert.com, vous pouvez, jusqu'au 15 mars, participer au sondage.***

Le sondage prend environ 1 minute.
Nous nous réjouissons de votre participation !



**MAISON DE L'EAU DE L'ATTERT A.S.B.L.**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
www.attert.com



Office Social Canton de Redange

# ACTION DE SOLIDARITÉ « KANNERWONSCHBAM »



**VILL FREED SCHENKEN**
**Aktioun Kannerwonschbam 2023**

D'Leit aus den 10 Gemengen vum Kanton Réiden hunn och dëst Joer erëm e grousst Häerz bewisen a matgemaach bei der **8. Aktioun vum Kannerwonschbam**. De Club Soroptimist Mosaïk huet dës Solidaritéitsaktioun viru Chrëschtdag gestart, zesummen mat dem Office Social (OSCARE) an dem Syndikat vun den 10 Gemengen aus dem Réidener Kanton.



KANTON RÉIDEN

MOSAIK

Doduerch dass d'Leit é Kaddo kaaft oder en Don gemaach hunn, hat d'Aktioun Kannerwonschbam och dëst Joer ee grousse Succès.

**Ronn 160 Kanner hunn hiren Wonsch erfëllt kritt** a konnten esou hiren Kaddo viru Chrëschtdag am Office Social zu Réiden ofhuelen.

**VILLMOOLS MERCI!**



# BIERGER-ËMFRO

## Meng VISIOUN fir de KANTON RÉIDEN

**Är Meenung zielt!**

**Questionnaire disponible en français !**

**Fragebogen auf deutsch verfügbar!**

**Leschten Datum fir auszefëllen: 1. Mäerz 2024**

Wéi gefält et lech am Kanton Réiden?
Wat feelt? Wéi géing et sech besser liewen?
Kommt, mir definéieren zesummen
eis Prioritéite fir d'Zukunft!

**Deelt lech mat, online oder per Froebou, ze kréien op ärer Gemeng.**

De Syndikat Kanton Réiden mat sengen 9 Membersgemengen soen lech MERCI fir d'Matmaachen.

Dës Ëmfro gëtt am Kader vun der Entwécklung vun enger Territorial-Visioun fir de Kanton Réiden gemaacht, an Zesummenaarbecht mam Ministère fir Wunnengsbau a Landesplanung - Departement fir Landesplanung.

**www.vision.kanton-reiden.lu**

KANTON RÉIDEN

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de l'Aménagement du territoire
Département de l'aménagement du territoire

# BIERGER-WORKSHOPS

## Meng VISIOUN fir de KANTON RÉIDEN!

**Am Kader vun der Entwécklung vun der Raum-Visioun fir de Kanton Réiden fannen 2 Workshops statt, wou d'Resultater vun der Ëmfro diskutéiert an d'Prioritéite weider verfeinert ginn.**

All interesséierte Bierger ass wëllkomm fir op engem vun den zwee Workshops deelzehuelen. Fir de Kaffi an d'Mëttegiessen ass gesuergt.

### Workshop 1: Réiden

**Samschdes, 20. Abrëll 2024**
**9h00-12h00**
Salle Polyvalent Réiden
2, rue du Lavoir (hannert der Kierch)
Réiden

### Workshop 2: Foulscht

**Samschdes, 27. Abrëll 2024**
**9h00-12h00**
Centre Culturel Foulscht
40, rue Principale
Foulscht

Wann Dir interesséiert sidd un engem Workshop deelzehuelen, **mellt Iech w.e.g. bis den 10. Abrëll un:**

T 28 33 010-040 - info@kanton-reiden.lu

Mir soen Iech villmools Merci fir Ären Interessi!
De Syndikat Kanton Réiden mat sengen 9 Gemengen

# *ATELIERS CITOYENS*

## *Ma VISION pour le CANTON DE REDANGE !*

***Dans le cadre du développement de la vision territoriale pour le Canton de Redange, deux ateliers auront lieu pour discuter sur les résultats de l'enquête et affiner les priorités.***

*Tous les citoyens intéressés sont les bienvenus pour participer à l'un des deux ateliers.*
*Café et déjeuner seront fournis.*

### *Atelier 1 : Redange*

***Samedi 20 avril 2024***
***9h00-12h00***
*Centre Polyvalent*
*2, rue du Lavoir (derrière l'église)*
*Redange*

### *Atelier 2 : Folschette*

***Samedi 27 avril 2024***
***9h00-12h00***
*Centre Culturel Folschette*
*40, rue Principale*
*Folschette*



*Si vous êtes intéressé à participer à l'un des ateliers,* ***veuillez-vous inscrire avant le 10 avril au :***

*T 28 334-040 - info@kanton-reiden.lu*

*Nous vous remercions sincèrement pour votre intérêt !*
*Le Syndicat du Canton de Redange avec ses 9 communes*

Gemeng Biekerech · Gemeng Ell · Groussbus-Wal · Gemeng Préizerdaul · Rambrouch · Redange · Saeul · Gemeng Useldeng · Gemeng Viichten

# REPAIR CAFE 2024

**Nächst RDV'en am Kanton Réiden:**
**Samschdes, den 09.03.2024**
**zu Réiden - à Redange**
14H00-17H00 - Aula Redange
1a, rue d'Ospern - L-8508 Redange/Attert

**Atelieren: Elektresch / Elektronesch / Vëloscheck**
**Ateliers proposés : électrique / électronique / Contrôle vélo**

**25.05.2024**
**Rambrouch**
14H00-17H00
Centre Culturel
8, rue du Nord

**Atelieren:**
Elektresch / Elektronesch / Vëloscheck
**Ateliers proposés :**
électrique / électronique / Contrôle vélo

**09.11.2024**
**Préizerdaul**
14H00-17H00
Centre Culturel
3, Al Strooss

**Atelieren:**
Elektresch / Elektronesch
**Ateliers proposés :**
électrique / électronique




**Mir informéieren Dech wéi eng Ateliere bei de Repair Cafés derbäi sinn.**
**Abonéier d'Newsletter: repaircafe@cell.lu**

KANTON RÉIDEN
CENTRE for ECOLOGICAL LEARNING LUXEMBOURG the transition hub
Pakt vum Zesummeliewen

# Wat ass ee REPAIR CAFÉ?

Ee Repair Café ass een Treffen, wou jidderee ka mat senge futtisse Saachen hi kommen: kleng Elektrogeräter, Luuchten, Computer, Spillsaachen, Vëloen, etc. Mat Hëllef vu fräiwëllegen Hobbyhandwierker, flécke mir Är Saachen zesummen.

**Jiddereen ass wëllkomm! D'Bedeelegung ass gratis, ouni Umeldung a fir Kaffi & Kuch ass gesuergt.**

Haalt Är futtis Saache bis den nächste Repair Café a gitt en do d'Chance op een 2. Liewen!

Méi Info: repaircafe.lu / kanton-reiden.lu





# C'est quoi un REPAIR CAFÉ ?

Un Repair-Café est un lieu convivial où chacun vient avec son objet abîmé : petit appareil ménager, lampe, ordinateur, jouet, vélo etc. On répare ces objets ensemble avec l'aide des bénévoles.

**Tout le monde est le bienvenu! La participation est gratuite, sans réservation et une collation (boissons, gâteau) est servie.**

Gardez vos objets cassés jusqu'au prochain rendez-vous du Repair Café et offrez-leur la chance d'avoir une seconde vie !

Plus d'info : repaircafe.lu / kanton-reiden.lu



**Flécke spuert net nëmme Suen, mee och wäertvoll Ressourcen an dréit zur Reduktioun vun de $CO_2$ Emissioune bäi.**

**Réparer n'économise pas que de l'argent, mais aussi des ressources précieuses et favorise la réduction des émissions de CO2.**

# DEN EEGE PRODUZÉIERTE SOLAR-STROUM SELWER NOTZEN - WÉI GEET DAT?

**Säit kuerzem, ass et méiglech de Stroum vu senger eegener Solar-Anlag ze notzen, mir schwätzen da vun Autoconsommatioun, also Eegeverbrauch. Wéini mécht et finanziell Sënn?**

**Mir ënnerscheeden tëscht 3 verschidde Fäll:**

1. **Autoconsommatioun bei enger besteeënder Anlag mat garantéiertem Aspeisetarif**
2. **Autoconsommatioun op enger neier Solar-Anlag**
3. **Autoconsommation bei enger besteeënder Anlag nom Auslafe vum garantéiertem Aspeisetarif**

## 1. FALL:
## BESTEEËND SOLAR-ANLAG MAT ENGEM GARANTÉIERTEN ASPEISETARIF


**Ech hunn eng Photovolatik-Anlag säit e puer Joer op mengem Daach installéiert a wëll de produzéierte Stroum vu menger Anlag elo och selwer am Haus notzen. Ass dat méiglech?**

Jo, dat ass méiglech. De Stroum, deen Dir mat Ärer Solaranlag produzéiert, kann dee Moment direkt am Haus verbraucht ginn, fir zB Elektrogeräter, d'Beliichtung, den E-Auto oder d'Wärmepompel ze versuergen. Äre produzéierte Stroum, deen ze vill ass, gëtt automatesch an d'Netz agespeist.

**D'Sonn schéngt jo awer net ëmmer wann ee grad Stroum brauch. Wéivill vum eege produzéierte Stroum kann ech insgesamt selwer notzen?**

